Koler Movies Lëtzebuerg

RAPPORT GENERALVERSAMMLUNG 2016

KML huet seng alljährlech Generalversammlung Freides, den 11. Mäerz 2016 zu Koler an der Schoul ofgehalen.
De Comité war dësen Owend komplett vertrueden.
Eng Rëtsch vun Memberen war uwiesend.

***

No der Begréissung um 19h00 huet de Marc de Réckbléck vum Joer 2015 virgedroen. Lescht Joer huet KML divers Projeten gefilmt, um Game Day den 3ten Präis gewonnen an zesummen mat de Memberen op d'Fouer gaang wie och Star Wars an de Kino kucken gaang.

***

Duerno huet de Marc d'Verkafszuelen vun etlechen Filmer vum leschten Joer veröffentlecht.
De Frank huet dunn een Abléck an d 'Online Statistiken vu KML ginn.
D'Carole huet duerno een detailléierte Keessebericht iwwert dat lescht Joer virgedroen. 2015 huet KML erëm vill Geld verdéngt an investisseiert, wie z.B an een Mikro-Kravatt an an een Greenscreen mat Equippement.

***

Ausbléck op d ‘Joer 2016:

- KML schafft weider um R4 !

- KML schafft 2016 mat engem neien Computer.

- Den Internetsite www.kml.lu gett komplett erneiert an ausgebaut.

- KML schafft an enger Coproduktion mat Episclérite un engem Film deen fir Ouverture vum Koler Kino seng Premiere feiert.

De Comité, deen 2015 aus 5 Leit bestan huet, wäert och 2016 genee esou weiderfueren.

***

Du war den offiziellen Deel vun der Generalversammlung eriwwer an et stoung Fräi Aussprooch um Programm. Déi nei KML-Memberskaart fir d ‘Joer 2016 zum Präis vu 5€ ass verkaaft ginn. Leit dei nach gären eng wellen, sollen sech bei eis mellen.